



Gemeinsam Äntwert vun der Justizministesch, Elisabeth Margue, a vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro n° 1731 vum 7. Januar 2025 vum honorabelen Deputéierten Dan Hardy.

1. Wat sinn d'Prozeduren/Richtlinne vum SCAS, wann dëse Service e Fall gemellt kritt, respektiv vun der Justiz saiséiert gëtt?

Am Kader vum Jugendschutzgesetz vum 1992, gëtt de SCAS vum Parquet général mandatéiert, fir mat enger Famill Kontakt opzehuelen. Ouni Mandat dierf de SCAS net agéieren.

De SCAS huet zwou Sektioenen, déi sech am Kader vum Jugendschutzgesetz em Mannerjäreger an hir Famillje këmmen.

1. D'Sektioon vun den Enquêtes sociales, wou d'Agenten eng Missioun à court terme hunn

D'Mandat gëtt am Fichier enregistréiert an en Dossier präparéiert. Duerno gëtt all Dossier evaluéiert a kritt en Degré d'Urgence zougedeele. Déi Dossieren an deenen en Degré d'Urgence élevé besteet, souwéi Dossieren, bei deenen et ëm Kanner vu manner ewéi 4 Joer geet, ginn deemtspriechend direkt traitéiert.

Den Agent, dee fir en Dossier zoustänneg ass, mécht eng Bestandsopnam vun der Familljesituatioun, en hält Kontakt mat der Famill, mat den anere Leit déi sech eventuell ëm d'Kand këmmen a mam noen Ëmfeld (Crèche, Maison relais, Schoul, Dokteren, asw.) op. Den Agent féiert Gespréicher mat den Elteren an dem betraffene Mannerjäreger. E mécht am Reegelfall doheem eng Visite, fir sech d'Liewensëmstänn vun der Famill unzekucken. Et ginn awer och Ausnamesituatiounen wou d'Visite op där Plaz gemaach gëtt, wou d'Kand sech zum Moment vun der Enquête befënnt, z.B. wann e Kand hospitaliséiert ass, respektiv an engem Foyer leeft.

Den Agent sammelt d'Avise vun anere professionellen Acteuren a Servicer, déi mat der Famill schaffen oder hir Liewensëmstänn kennen.

D'Enquête sociale ëmfaasst d'Beschreibung vun der Familljesituatioun, de Liewensëmstänn, dem Wuel vum Kand, souwéi d'Avise vun de verschiddene professionellen Acteuren. D'Missioun vum Agent ass et, en objektive Rapport ze verfaassen, soudass de Parquet-jeunesse respektiv d'Jugendgeriicht eng adäquat Schutzmoosnam kann huelen, wann d'Noutwendegkeet sech heifir stellt, oder anerefalls den Dossier ka klasséieren.

Nodeems den Dossier un de Parquet général zeréckgi gouf, huet de SCAS kee Mandat méi a kann dohier net méi agéieren.

2. D'Sektioon vun den Assistances éducatives, wou d'Agenten e Mandat à moyen oder long terme kréien



De Parquet général chargiert de SCAS, en Urteel vum Jugendgeriicht ze exekutieren. D'Mandat gëtt am Fichier enregistriert an engem Agent zougedeelt. D'Missioun besteet doranner, de Mannerjärege a seng Famill ze begleeden, mat hinnen d'Konditiounen ëmzesetzen déi d'Jugendgeriicht decidéiert huet an dofir ze suergen, dass d'Wuel vum Mannerjärege respektéiert gëtt. Den Agent schafft an enker Zesummenaarbecht mat anere Servicer, der Schoul, der Crèche, der Maison relais asw. zesummen. De Jugendriichter gëtt regelméisseg iwwer d'Evolutioun vum Dossier a Kenntnis gesat an d'Konditiounen gi bei Noutwendegkeet ugepasst. All dräi Joer gesäit d'Gesetz eng «Révision triennale» vir.

Den Dossier bleift sou laang op, bis d'Jugendgeriicht eng Clôture aussprécht, dat am Fall, wann déi fixéiert Konditiounen erfëllt sinn, d'Geforequell net méi besteet an dem Mannerjärege säi Wuel net méi a Gefor ass, oder awer bis de Jugendleche groussjäreg ass.

2. Sinn d'Rapporte vum SCAS fir déi betreffen Elteren zougänglech? Wann nee, aus wéi enge Grënn sinn si et nët?

Nee, d'Elteren hunn am Prinzip keen direkten Zougang zu de Rapporten vum SCAS an de Jugendschutzdossieren.

D'Ursach ergëtt sech aus dem Artikel 28 vum Gesetz vum 10. August 1992 iwwer de Jugendschutz, an deem Folgendes steet: "les pièces concernant la personnalité du mineur et son milieu social et familial ne peuvent être consultées que par les avocats des parties".

Wann d'Eltere vun engem Affekot assistéiert ginn, huet dësen d'Recht, d'Rapporte vum SCAS anzegesinn a seng Clienten vum Inhalt ze berichten. Hien däerf hinnen awer keng Kopie dovun iwwerginn.

Wann d'Elteren ouni d'Hëllef vun engem Affekot viru Geriicht erschéngen, ass et de Jugendriichter, deen hinnen den Inhalt an déi wichteg Punkten, entweder an der Audienz oder während dem Gespräch am Büro, erkläert an zesummeffaast.

3. Wéi vill Kanner goufen an deenen zéng leschte Joren a Kannerheemer placéiert, an aus wéi enge Grënn.

D'Zuel vu placéierte Kanner an Institutiounen huet sech wei folgend entwéckelt:

	2015	2016	2017	2018	2019	2020	2021	2022	2023	2024
Zuel vun de placéierte Kanner	687	807	816	777	747	708	766	776	771	819



Déi heefegst Grënn, déi e Placement duerch d'Justizautoritéiten néideg maachen, sinn:

- Schwéier a seriéis Mësshandlungen (kierperlech, sexuell, psychologesch).
- Schwéier Vernoléissegunge vun de Bedierfnisser vum Kand.
- Onfäegkeet, fir d'Bedierfnisser vum Kand ze erkennen oder drop ze reagieren.
- Onfäegkeet, fir de Kanner e stabillen a séchere Kader ze bidden an d'Kanner ze stimulieren.
- Schwéier Drogensucht/Ofhängegkeet.
- Kompletten Abandon vun de Kanner.

Wat déi fräiwëlleg Placementer ubelaangt, kann een ënner anerem folgend Grënn opzielen:

- Zäitweilig Iwwerforderung vun den Elteren am Kontext vun hiren edukativen Aufgaben;
- Psychesch oder physesch Krankheet vun den Elteren;
- Krisen an der Famill.

Bei fräiwëllege Placementer besteet keng akut "Kindeswohlgefährdung".

4. Wee kontrolléiert d'Konditiounen, déi an de Kannerheemer herrschen? Bei wei enger Instanz läit d'Zoustännegkeet, fir déi Kontrollen auszuféieren?

De "Service Agréments", deen an der "Direction générale de l'aide à l'enfance et à la famille" vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend ugesidelt ass, kontrolléiert d'Anhale vun de Konditiounen a Krittären, déi am Artikel 31 vum "Règlement grand-ducal modifié du 17 aout 2011 concernant l'agrément à accorder aux gestionnaires d'activités pour jeunes adultes et familles en détresse" definéiert sinn. Dës Kontroll besteet aus Visite bei de Prestatairë vun der Kanner- a Familljenhëllef.

Wat d'Qualitéit vun de Prestatioune betrëfft, mussen d'Prestatairë sech un den nationale "Rahmenplan der Kinder- und Familienhilfe" halen. Dëse Plang soll sécherstellen, dass all Kand, all Jugendlechen an all Famill, déi Hëllef brauchen, eng beschtméiglech Ënnerstëtzung bei engem Prestataire aus dem Beräich vun der Kanner- a Jugendhëllef kritt, onofhängeg dovun, ob et sech ëm psychologesch Berodung, ambulante Moosnamen, sozialpedagogesch Betreiwung oder den Accueil an enger Fleegefamill handelt.

De Prestataire muss an dësem Kontext e "Concept d'action général" erarechen, deen am Aklank mam uewe genannte „Rahmenplan“ muss sinn. Doriwwer eraus, muss de Prestataire all sechs Méint dem ONE e Rapport eraschécken, fir datt evaluéiert ka ginn, ob d'Objektiver vun der Prise en charge erreicht gi sinn.

Am Kader vum Projet de loi 7994, ass et virgesinn, dass de Prestataire niewent engem Agrément, och eng "Reconnaissance qualité" brauch, déi e "Beschwerdemanagement", e Schutzkonzept an



Meenungsbefrounge bei de Bénéficiairen, verlaangt. De Projet de loi gesäit och d'Schafe vun "Agents évaluateurs" vir, fir dëst kontrolléieren ze kënnen.

5. Goufen et Plaintë betreffend onzoumuttbar Konditiounen oder inakzeptabel Behandlungen a Kannerheemer? Wa jo, wéi vill vun deene Plaintë ware berechtegt?

Dem Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend si keng Plaintë mat esou enger Relevanz bekannt.

6. Wéi eng Mesurë si virgesi fir de Fall, wou Kanner mësshandelt goufen?

Fir all Form vu "Maltraitance institutionelle" an den "Centres d'accueil" entgéint ze wierken, sinn d'Gestionnairen an der Responsabilitéit fir Schutzkonzepter en place ze setzen.

Well Mësshandlungen vu Kanner awer ënnert d'Strofrecht falen, ass jiddereen, dee Kenntnis vun enger Mësshandlung huet dozou verpflichtet, e Signalement un de Parquet ze maachen.

An deem Fall kënnen bei der Justiz zwou Prozeduren parallel ausgeléist ginn. Éischtens ginn Ermëttlungen géint de presuméierten Täter vun der Strofdot lancéiert. A wann de Verdacht besteet, dass d'Kand am Ëmfeld, an deem et leeft, net genuch geschützt ass, kann zousätzlech eng Prozedur fir de Jugendschutz ageleet ginn.

D'Dossiere vu Kannerëmssbrauch falen an d'Kompetenz vum Parquet jeunesse. De Magistrat, deen sech ëm de Strofdossier këmmert, wäert deemno och ëmmer iwwerpräiwen, ob de betraffene Mannerjäregen enger Gefor am Sënn vum Artikel 7, vum Jugendschutzgesetz ausgesat ass.

Wann néideg, gëtt eng Enquête sociale beim SCAS ugefrot, fir kënnen ze bewäerten, ob d'Kand eng Schutzmoosnam brauch oder net. An de Fäll vu schwéierem Mëssbrauch kann e Placement vum Kand och direkt ordonéiert ginn. De Parquet ass 24 Stonnen op 24 an 7 Deeg op 7 erreechbar.

7. Wéi gouf an der Vergaangenheet op esou Fäll reagiert? Kann d'Regierung an deem Kontext konkret Zuele virleeën?

Aktuell leien der Regierung keng Zuele vir. Am Fall, wou e Prestataire d'Konditioune vum Agreement net respektéiere géif, kann de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend op Basis vum Artikel 4, vun der "Loi modifiée du 8 septembre 1998 réglant les relations entre l'Etat et les organismes oeuvrant dans les domaines social, familial et thérapeutique", en Agreement entzéien.

Lëtzebuerg, den 11. Februar 2025.

D' Justizministeschen

(s.) Elisabeth Margue